N°3847
Entrée le 16.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3847 vum 26. Mäerz 2026 vun den honorabelen Deputéierte Madamm Alexandra Schoos an Här Michel Lemaire.**

*1. Entsprécht dat renovéiert Gebai zu Wolz, dat fir d'Jugendpsychiatrie genotzt gëtt, de Bestëmmunge vum lëtzebuergesche Recht iwwert d'Barrierefräiheet, besonnesch der « Loi du 7 janvier 2022 relative à l'accessibilité »?*

De Centre Hospitalier du Nord (CHdN) fält aktuell matt senger jugendpsychiatrescher Dagesklinik an eng Iwwergangsreegelung. Nom Artikel 16 vun der *« Loi du 7 janvier 2022 portant sur l'accessibilité à tous des lieux ouverts au public, des voies publiques et des bâtiments d'habitation collectifs »*, déi den 1. Juli 2023 a Kraaft getrueden ass, trieden d'Dispositioune wat den*« lieux ouverts au public existants ou situés dans un cadre bâti existant »* den 120. Mount no der Publikatioun vum Gesetz am Journal officiel du Grand-Duché a Kraaft. Falls de CHdN keng Derogatioun sollt kréien, huet d' jugendpsychiatresch Dagesklinik nach 69 Méint Zäit, fir sech konform mam Gesetz ze maachen oder an eng nei Struktur ze plënneren.

*2. Wéi eng administrativ oder juristesch Konsequenze kéinten entstoen, wann d'Gebai nom Oflaf vun der gesetzlecher Frist net konform mat de Reegelen zur Accessibilitéit wier, besonnesch am Hibléck op de weidere Betrib vun der Ariichtung an d'Versuergung vu jonke Patientinnen a Patienten am Norde vum Land?*

D'Notzung vum Gebai vun der jugendpsychiatrescher Dagesklinik um Site Wolz vum Nordspidol CHdN entsprécht de Bestëmmunge vun der « *Inspection du Travail et des Mines* » (ITM). Dëst Gebai ass 14 Joer laang eng psychiatresch Dagesklinik fir Erwuessener gewiescht an ass kuerzfristeg operationell gi fir op en aktuelle Besoin an der Jugendpsychiatrie zu Lëtzebuerg ze äntweren. Vu dass d'Dagesklinik zu Wolz mam *« Service National de Psychiatrie Juvénile (SNPJ) »* vun den Hôpitaux Robert Schuman (HRS) zesumme schafft, deen och dagesklinesch Strukturen am Zentrum mat 20 Plazen an am Süde mat 12 Plazen ubitt, kënne jugendlech Patiente weiderhin an engem vun deenen Dageskliniken eng Versuergung ugebuede kréien, sollten si e spezifesche Besoin am Kader vum Accessibilitéitsgesetz presentéieren.

Wéi scho gesot, ass d'Gebai zu Wolz eng provisoresch Léisung op eng akut Demande, an en Ëmzuch an eng gréisser Struktur, mam gesetzlech virgeschriwwenen Accessibilitéitsstatus, ass an der Planung.

*3. Mussen a psychiatreschen Ariichtunge spezifesch bautechnesch Moossname virgesi ginn, fir de Schutz vun de Patientinnen a Patiente souwéi vum medezineschen a Fleegepersonal ze garantéieren?*

Eng psychiatresch Dagesstruktur fir Kanner a Jonker erfuerdert am Prinzip:

- Sécherheetskonzepter fir Patienten a Personal (z.B. Räim ouni Gefor vun Auto-Aggressioun)
- Gutt Iwwerbléckbarkeet vun de Raimlechkeete jee no Benotzung
- Adaptéiert Miwwel an Atmosphär fir eng therapeutesch Approche
- Méiglechkeet fir multidisziplinär Aktivitéiten (Therapie, Gruppenatelieren, Schoulënnerstëtzung, psychoedukativ Programmer, asw.).

D'Dagesklinik zu Wolz ass an deem Sënn ageriicht a bitt verschidden therapeutesch Ateliersräim un, op 3 Etagë mat 117–127 m² pro Niveau.

*4. Goufen dës spezifesch Ufuerderunge bei der Renovatioun vun der Infrastruktur zu Wolz berécksiichtegt?*

Wéi schonn erwäänt, gëtt d'Gebai vun der Dagesklinik als *« site existant adapté »* benotzt an erlaabt e sécheren an therapeutesche Milieu deen de medezineschen a psychosozialen Ufuerderungen ugepasst gouf. Et ass geplangt dass d'Struktur an deenen nächste Joren an eng aner, nach besser Infrastruktur am Norden, mat nach méi Plaz, wäert plënneren.

*5. Ass d'Dagesstruktur zu Wolz als therapeutesch Struktur konzipéiert? No wéi engem therapeutesche Konzept ginn Therapiestonnen ugebueden?*

Dat therapeutescht Konzept baséiert op enger strukturéierter ambulant-präventiver Approche, enger multidisziplinäre Prise en charge, enger regionaler Koordinatioun duerch e Case Manager an enger kontinuéierlecher Vernetzung mat de stationären Déngschter vum SNPJ.

D'Dagesklinik bitt als therapeutesch ambulant Struktur e kloert Konzept u mat Psychotherapie, Psychoedukatioun, Atelieren (kreativ, kierperlech, edukativ), psychiatreschem a psychologesche Suivi, en integréierte multidisziplinäre Modell an eng nohalteg Kooperatioun mat Schoulen, Foyeren a Familljen.

*6. Wéi eng Zilgruppe ginn ugeschwat (Jugendlecher mat den Elteren an hir Peergroup)?*

De Public cible vun der Dagesklinik ass kloer definéiert, sou wéi den SNPJ dat virgesäit, a bitt eng Héllefstellung fir Jugendlecher tëscht 13 an 18 Joer mat psychiatresche Problemer déi eng strukturéiert, awer keng vollstationär Betreiung brauchen.

Elteren a Peergrouppen gi mat abezunn duerch Familljenzesummenaarbecht, edukativ a schoulesch Koordinatioun, a psychoedukative Programmer.

*7. Wéivill Kanner- a Jugendpsychiater ginn do am Alldag effektiv agesat, fir Consultatiounen, Evaluatiounen an therapeutesch Suivien ofzehalen?*

Aktuell sinn zwee Kanner- a Jugendpsychiater*innen an der Dagesklinik aktiv.

*8. Ass d'Personal, dat dofir virgesinn ass, am Beräich vun der Psychoedukatioun an der Kanner- a Jugendpsychiatrie speziell ausgebilt, a wéi eng beruflech Qualifikatiounen oder Weiderbildunge ginn an deem Kontext verlaangt?*

Déi multidisziplinär Equipp besteet aus Professionellen aus de Gesondheetsberuffer wéi psychiatrescht Infirmierspersonal, Éducatricen an Educateuren, Psychomotoriker*innen, Sozialaarbechter*innen, Diätassistent*innen, an aus Psycholog*innen a Pedagog*innen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*9. Wéi héich ass de Personalschlëssel bannent dëser Dagesstruktur, besonnesch am Verhältnes tëscht der Zuel vum therapeuteschen a pedagogesche Personal an der Zuel vun de betreite Kanner a Jugendlechen?*

Eng genau Oplëschtung vum Personalschlëssel fannt dir an dësem Tableau:

| | |
|---|---|
| **Dotation accordée** | 10,59 |
| Secrétariat | 0,33 |
| **TOTAL accordé** | **10,92** |

| **Personnel CHdN déjà recruté au 30 mars 2026** | |
|---|---|
| Infirmier/ière | 0,9 |
| Infirmier/ière psychiatrique | 0,6 |
| Psychologue | 1,6 |
| Éducatrice/eur | 1,75 |
| Éducatrice/eur gradué(e) | 0,75 |
| Ergothérapeute | 0,6 |
| Thérapeute à médias | 0,5 |
| Thérapeute en activités physiques adaptées (APA) | 1 |
| Assistant(e) social(e) | 0,5 |
| Diététicien(ne) | 0,5 |
| **TOTAL CHdN** | **8,7** |

| **Personnel du Ministère de l'Éducation Nationale (3 ETP en 2026/27)** |
|---|
| Enseignant(e) en fondamental |
| Enseignant(e) en secondaire |
| Éducatrice/eur ou enseignant(e) en inclusion |

| **Personnel consultant du Service National de Psychiatrie Juvénile (HRS)** | |
|---|---|
| Médecins spécialistes en pédopsychiatrie | **2** |

*10. Wéi vill Jugendlecher oder Kanner kënne gläichzäiteg an der Struktur opgeholl a betreit ginn, a wéi gëtt dobäi garantéiert, datt eng individuell a qualitativ adequat Prise en charge méiglech ass?*

D'Dagesklinik bitt 15 Plaze fir Jugendlecher un. D'Betreiung gëtt esou organiséiert, dass all Jugendlechen eng strukturéiert an individuell ugepasste Begleedung kritt fir op déi eenzel Besoinen anzegoen.

Lëtzebuerg, den 16. Abrëll 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez